



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op parlamentaresch Fro  
Nr. 8013 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

D'Demande vun der École de Commerce et de Gestion (ECG) ass effektiv déi, datt d'Schüler op de Sektione vun der *Division administrative et commerciale* de Choix tëscht Franséisch an Englesch als „Discipline fondamentale“ an de Sproocher solle kréien.

Op de Sektione *Finance an Marketing, médias et communication*, déi nëmmen am ECG ugebuede ginn, ass dëst als Projet autoriséiert ginn, dee selbsterständlech nom Oflaf vun engem kompletten Zyklus wäert evaluéiert ginn.

Op de Klasse vu 4e an 3e GCM gradewéi och op deene vun der Sektione *Gestion* (2e GCG a 1re GCG), stellt d'Situatioun sech anescht duer.

Fir d'éischt sief gesot, datt en Aarbechtsgrupp ënnert der Leedung vum Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) sech wäert mat enger méi genereller Analys an enger méiglecher Reform vum Curriculum vun deene Klassen auserneesetzen. Et ass dofir elo net de Moment, dësen Aarbechte virzegräifen, a just um Niveau vun de Sproochen ze agéieren.

Ausserdeem handelt et sech ëm Klassen, déi landeswäit ugebuede ginn, an op deenen Honnerte vu Schüler ageschriwwen sinn. Et ass also net ubruecht, de Schüler vun enger Schoul eng Méiglechkeet unzëbidden, déi anerer net hunn: de Choix vun der „Discipline fondamentale“ ass nämlech promotiounsrelevant a kann dofir net ënnerschiddlech vun enger Schoul zur anerer gehandhaabt ginn.

De Verglach mat den ëffentlechen agreéierten Europaschoulen ass dofir och net richtig; et handelt sech hei ëm Schoulen, an deenen en anere Sproochregime applizéiert gëtt.

Iwwert all dës Consideratiounen ass den Direkter vun der École de Commerce et de Gestion mëndlech a schrëftlech informéiert ginn; hie wäert d'Membere vun der Schoulcommunitéit doriwwer informéieren.

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH